Lëtzebuerger Guiden a Scouten

FORMATIOUN

Tel : 26 94 84
Fax : 26 94 84 30

www.lgs.lu
formatioun@lgs.lu

# Infobréif Tronc Commun II

Salut,

Du hues dech fir den zweeten Tronc Commun WE ugemellt (vum 23. bis de 25. Oktober 2015).

De Weekend ass am Chalet Nicolas Rollinger um Neihaischen (1, rue Principale L-5290 Neihaischen). E fänkt Freides Owes um 18h00 un an dauert bis Sonndes Mëttes 18h00.

Matbrénge solls du :

- Uniform a Foulard
- Kleeder fir bei all Wieder erauszegoen
- **fest** Schong
- Schlappen
- Schlofsak
- Täscheluucht
- Täschemesser
- Wäschgeschirr
- Gamell, Besteck a Becher
- Kichenduch
- Formatiounskaart (wann s du schonn eng hues)
- evtl. e Kompass
- evtl. e Muséksinstrument

E gudden Deel vun der Formatioun ass dobaussen oder am Keltenhaus. An dat wierklech onofhängeg vum Wieder. Dofir denk onbedéngt u **waasserdicht a waarmt** Gezei !

Wann s du nach Froen hues, kanns déi op formatioun@lgs.lu mailen oder dem Cathy Kirsch an der Géisserei uruffen (Tel.: 26 94 84).

Mir wënschen Dir eng flott Formatioun !
Bis geschwënn,
d'Formatiounsekipp